

rung kéint maachen, wou déi traditionell Eisebunnsstreck, déi mer haut hunn, géif suppriméiert ginn.

Ech géif awer och haut hei, wéi op allen anere Plazen, viru Schnellschëss warnen an dach ze bedenke ginn, dass et och haut vill Plaze gëtt, wou mer Strecken eng Kéier ofgebaut hunn an haut fro wären, wa mer se erëm hätten. Duerfir mengen ech, dass een niewent der Fro vun Alternativen am Tramsberäich, déi ee sech zum Beispill muss iwwerleeën, dat einfach och emol realistesch muss kucken, well déi Nordstadkonzeptioun ass awer eng, ech wëll se net eng Visioun nennen, et ass awer eng Konzeptioun, déi net ze realiséiere wäert sinn an deenen éischte puer Joren, well se och mat groussen Investitiounen am Beräich vum Stroossebau wäert verbonne sinn, déi mer emol nach müssen zur Verfügung stellen a stëmme müssen, fir dass mer dat kënne maachen.

Esou dass ech mengen, dass mer eis Zäit sollten huelen an enger Ronn, déi e Méindeg Mëtteg wäert ugoen, zu där ech déi siwen Associatiounen aus deem Beräich agelueden hunn, déi sech zu Wuert gemellt hunn, déi géint eng Suppressioun, jiddefalls géint eng ersatzlos Suppressioun vun der Antenne ferroviaire sinn, fir mat deenen ze diskutéieren an och déi Diskussioun weiderzeféieren.

Ech mengen, dass dat noutwendeg ass, well de Kolleeg Roland Schreiner hei zu Recht gesot huet, et soll een ëmmer oppassen op falsch Signaler, déi ee setzt. Wann ee vun engem „modal split“ schwätzt um Niveau och vum öffentliche Transport, wann een um Niveau och vun de Signaler an Zäite vu Klimawandel an anerem schwätzt, soll een also oppassen, wat een hei vu Signaler gëtt, woubäi ech weess, dass sécherlech d'Konzepter am Busberäich och méi Flexibilität kënne hunn.

Dat alles ass gewosst, mä vläicht gëtt et och Mëschléisungen, wou een d'Efforten a virun allem och d'Avantagë vun deenen eenzelnen Instrumenter matenee ka verbannen.

Ech wëll zu eenzelnen anere Froen, déi genannt gi sinn, soen, dass eng Fro, déi mech besonnesch interesséiert, déi ass vun de Park&Ride-Realisatiounen, déi mer op der Streck maachen. Ech halen et fir wichtig, dass mer niewent dem Réckgrat vun der Nordstreck Zoubréngersystemer hunn um Niveau vum RGR engersäits, wat d'Bus-systemer ubelaangt, an awer och um Niveau vum Auto, déi dee Wee wëlle féieren, well am ländleche Raum wësse mer, dass och am Busberäich net ëmmer alles zu all Stonn an zu all Minutt méiglech ass.

Mir hunn eng Rei vu Projeten an deem Beräich realiséiert an deene leschte Méint a Joren zu Lëntgen, zu Colmar, zu Schieren, zu Méhela, zu Clief, zu Wolz. Do sinn eng Rei vu Verbesserunge gemaach ginn, déi wichtig waren.

Ech wëllt eng prezis Äntwert ginn op eng prezis Fro, déi hei gestallt ginn ass, well ech weess, dass hei bei de Gemengepappen, bei de Gemengemammen de schnöde Mammon - d'Fro vun der Bedeelegung um Coût - eng wichtig Fro ass, déi ech verstinn, well et do Gemenge gëtt, déi dach awer d'Gefill hunn, dass se hei héich Investitiounen mussen matdroen u sech fir d'Awunner vun anere Gemengen an och fir e Beräich, deen net direkt vun hirer Kompetenz ass.

Duerfir si mer vu 50% Bedeelegung vun de Gemengen, déi mer virun enger Zäit haten, viru kuerzem op een Drëttel, zwee Drëttel erfogaangen. Dat hu mer bei eenzelne Projete scho realiséiert. Ech denken an Diddeleung zum Beispill, och u Beetebuerg, an nach eenzelner do uewen am Norden.

Ech mengen awer, dass eng Rei vu Projete wierklech an der Zwëschenzäit blockéiert sinn. Duerfir hunn ech decidéiert, dass mer dee Schlëssel do nach eng Kéier, awer fir d'leschte Kéier, änneren op 20% Participatioun fir d'Gemengen an 80% fir de Stat. Ech hoffe wierklech, dass mer domadder eng Rei vu Projete realiséiert kréien. Ech denken aus dem Kapp eraus un Elwen, natierlech u Wëlwerwol, u Schieren, u Lëntgen. Do gëtt et eng Rei vu Projeten, wou ech eng lescht Proposition un d'Eisebunn an d'Gemenge wäert maachen, fir dass mer déi Projeten débloquéiert kréien, well ech mer dach dovunner ganz vill erwaarden.

Ech wëll och e Wuert zu Miersch soen, wou eis Virbereedungen, eis Aarbechten, wat de Souterrain ubelaangt, 2009 kënne ofgeschloss ginn, fir dass mer prett si vun deem Moment un, wou de Lycée am Joer 2010 soll betriebsfäerdig sinn, fir do kënne ze demarréieren.

Ech mengen, dass een dann och do nach eng Kéier un d'Fro vun der Gare routière de Park&Ride mat muss drunhänken, fir dass mer prett sinn, esou wéi mer dat och op anere Plaze schonn an der Zwëschenzäit sinn. Mir si laang deene groussen Investitiounen do nogelaf. Ech wëll awer zum Beispill soen, dass mer um Belval wierklech emol eng Kéier vir sinn als öffentliche Transport an net ëmmer e puer Joer hannendru kommen. Dat wäert do wouer sinn, souwuel bei der Uni wéi och beim Lycée, an dat soll och op anere Plaze wouer sinn, och wann et dann heiansdo provisoresch Lösungen am Ufank kënne sinn, mä d'Hauptsach mir si prett, fir déi nei Potenzialer, déi do kommen, och kënne opzehuelen.

Dummeldeng ass en anere Souci, dee berechtigt ass. Dir wësst, dass mer am Zusammenhang mat der Ännerung vum Konzept vum Train-Tram op de lichte Tram natierlech fir Dummeldeng och eng grouss Ännerung gemaach hunn, well d'Bedeutung vun Dummeldeng am Zusammenhang mam Train-Tram an der Méiglechkeet louch, vun Dummeldeng um direkte Wee erop op d'Schoettermarial an eriwuer op de Boulevard Kennedy ze fueren. Et wär méiglech gewiescht, fir dat op déi Aart a Weis ze maachen.

Mir hunn heibanne mat grousser Majoritéit decidéiert, dee Wee do net ze goen, aus all deene Grënn, déi ech net nach eng Kéier wëll opzielen. Duerfir muss mer Äntwerte ginn. Duerfir sinn zwou Saachen amgaangen: Engersäits si mer am RGR-Beräich amgaangen, gradesou wéi d'Stad Lëtzebuerg et gemaach huet, fir eist Buskonzept unzepassen un déi nei Situatioun, an an deem Buskonzept muss sécherlech d'Roll vun der Dummeldenger Gare als en intermodale System zesumme mam Bus dann och spillen; an anersäits wäerte mer och am Kader vum GIE, dee mer gegrënnt hunn a wou mer amgaange sinn d'Personal anstellen, och déi Fro vum Zesummespill vun deem neie System vum Tram léger mat der Gare vun Dummeldeng stellen.

Woubäi ech just wëll drun erënneren, dass mer awer an der Zwëschenzäit haut och schonn e Bus hunn, dee vun Dummeldeng op de Kierchbiereg eropfiert. Dee kennt aus där schéiner Gemeng vu Steesel iwwer Dummeldeng erop op de Kierchbiereg. Dat ass eng Initiativ, déi mer d'lescht Joer geholl hunn, an deemtenspriedend ass och haut déi Méiglechkeet ginn.

Heiansdo froen ech mech och, ob - wéi soll ech soen? - déi néideg Werbung a Publicitéit ëmmer gemaach gëtt, fir dass och eenzel Saachen esou gewosst sinn, wéi se gewosst misste sinn.

Um Niveau vun der Sécherheet wëll ech engersäits soen, dass mer och op där Streck grouss Efforté gemaach hunn, och finanzieller, fir de Sécherheetssystem ETCS ëmzesetzen an och 2008 domadder wäerte weiderfueren.

Ech wäert mer déi Fro vun den Tunnelen nach eng Kéier virhuelen am Detail. Ech hunn dat an deene leschte Stonne mat der Eisebunn och nach eng Kéier gekuckt, well et eng ganz technesch Diskussioun ass an och verbonnen ass mat héijen Investitiounen. Wann een zum Beispill iwwer en Train de sauvetage schwätzt, da sinn dat Investitiounen, déi ganz héich sinn.

Mir müssen och eis Situatioun kucken, fir ze gesinn, dass mer net comparabel si mat den Tunnelen an anere Länner. Mir schwätzen hei vun Tunnelen, déi meeschtens net ganz laang sinn. Ech hu mer dat nach eng Kéier ugekuckt. Mir hunn eleng 20 Tunnelen tëschent Ettelbréck an Elwen. Dovunner, mengen ech, sinn der 17 Stéck manner laang wéi 400 Meter. An anere Länner ginn nëmme bei Tunnelen vun engem Kilometer a méi iwwerhaupt extra Sécherheetssystemer agebaut.

Ech wëll dat net soen, fir et a senger Bedeutung ofzeschwächen, mä bei Zich, déi eng Längt hu vun 150 bis 200 Meter, a bei enger Sécherheitsbestimmung an esou virun, fir an alle Fäll ëmmer direkt aus dem Tunnel erauszekommen, mengen ech, muss een dat op seng Part de responsabilité kucken, déi mer do hunn.

Ech wëll dat wéi gesot nach eng Kéier kucken, mä comparabel mat engem Lötschberg, dee 37 Kilometer huet, mat all deem, wat dorunner hänkt, ass et sécherlech net. Mä et soll een nach eng Kéier de Versuch maachen, sech mat der Eisebunn, mat der Protection civile zesummenzesetzen, fir

nach eng Kéier eenzel derfir ze suergen, dass mer d'Sécherheet héijen, an zu Recht, besonnesch op dësem Dag, ass kloerzemaachen, dass eis d'Sécherheet do alles soll wäert sinn, fir ze kucken, dass mer dat kënne an d'Rei bréngen.

Dat waren e groussen Deel vun Äntwerten, virun allem mat deem Hauptmessage, e Schreckgespenst gëtt et net. 180 Milliounen Investitiounen an deenen nächste Joren an d'Nordstreck maache kloer, dass d'Regierung net wëlles huet, an e Schreckgespenst ze investéieren.

**M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat ass dëse Punkt ofgeschloss a mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5723 iwwert d'Veergrësserung vum Bäerbuergers Altersheim. D'Wuert huet elo d'Rapportrice, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

**(M. Laurent Mosar prend la Présidence)**



### 3. 5723 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à l'extension du centre intégré pour personnes âgées à Berbourg

**Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse**

**Mme Marie-Josée Frank** (CSV), rapportrice. - Merci, Här President. Dir Damen an Dir Hären, ech si frou als Rapportrice de Projet 5723 därfer virstellen. Als Bäerbuergers Meedchen an als deemolege Member vum Conseil vun der A.s.b.l. Claire konnt ech um Konzept vum Cahier des charges matschaffen.

Dee virleiende Gesetzesprojet erlaabt et dem Stat, sech finanziell un den Ausbaaarbechte vum Centre intégré Hauptmannsschlass zu Bäerbuerg ze bedeelegen.

D'Hauptmannsschlass, d'Stammhaus, e Barockschlässchen, am Bäerbuergers Mond nach ëmmer d'Bäerbuergers Klouschter genannt, ass 1775 gebaut ginn a gehéiert zënter 1894 der Kongregatioun vun den Elisabethiner-Schwëstere. D'Schlass ass am Laf vun deem leschte Jorhonnert, wou et der Kongregatioun ugehéiert huet, sechs Mol...

**(Coups de cloche de la Présidence)**

...renovéiert a vergrëssert ginn. Eng Rei vun Institutiounen si während dëser Zäit am Schlass ënnerbruecht ginn, wéi e Weesenhäus, eng Schoul an duerno d'Blannenheem. Wat d'Blannenheem ugeet, esou huet dëst bis 1975, wou et an en Altersheem ëmgewandelt ginn ass, als Liewens-, Bildungs- an Aarbechtsplaz fir blann Leit gedéngt, wou d'Schwëstere eng wäertvoll Aarbecht geleescht hunn.

Zënter der leschter grousser Renovatioun huet d'Schlass, dat iwwerengs ënnert engem Agrément steet, eng Capacitéit vun 72 Better, 42 Eenzel- an 13 Duebelzëmmer an ee Vakanzebett. An dësem Haus gi virun allem dement Leit oder Leit, déi un Alzheimer leiden, gefleegt. Duerch dësen Ausbau gëtt d'Zuel vun de Better verduebelt. Déi zousätzlech 72 Better ginn an dräi Pavillonen ënnerbruecht. All Pavillon ass mat zwou Liewensunitéite virgesinn.

Andeems de virleiende Gesetzesprojet d'Finanzéierung vum Ausbau vum Cipa zu Bäerbuerg erlaabt, dréit en der Noutwendegkeet, d'Offer vu Betreiumsméiglechkeete fir eeler Leit ze vergrësseren, Rechnung. D'Zuel vun de Leit iwwer 65 Joer huet sech an engem Jorhonnert vervierfacht. D'demographesch Entwécklung weist ganz kloer, datt dës Zuel an deenen nächste Joren a Jorzéngten zouhuele wäert.

Zënter e puer Joer stellt een och fest, datt d'Opnam vum Pensionären an engem Altersheem ëmmer méi spéit stattfënnt. D'Altersmoyenne vun de Pensionären, wa se an en Altersheem kommen, läit haut bei 80 Joer.

Doriwwer eraus kann een och feststellen, datt ëmmer méi eeler Leit un Demenz oder Alzheimer leiden. Haut sinn et der iwwer 5.000 an eisem Land. A vu datt déi eeler Leit ëmmer méi d'Tendenz hunn, esou laang wéi méiglech doheim ze bleiwen a vun den ambulanten Déngschter profitéiere kënne respektiv doheim am enke Familljekrees, och nach haut an där moderner Gesellschaft, d'Chance hunn ze liewen, ass et awer kloer ginn, datt d'Besoinen an Zukunft méi dem spezifischen Encadrement mussen gewidmet ginn. Et ass net auszuschléissen, datt laangfristeg all Cipa speziell Unitéiten a Servicer muss ubidde kënne.

Op jidde Fall ass d'architektonescht Konzept vun där neier Struktur op de Profil vun den demente Pensionären ofgestëmmt. Dräi vun deene sechs neie Liewens- a Fleegeunitéite wäerte sech un déi Leit richten, déi Alzheimer hunn. De Cipa wäert och weiderhin net dement Leit ophuelen.

D'Konzept vun där neier Struktur wäert och den Uspréich vun dëse méi autonome Pensionäre Rechnung droen. Déi aktuell Infrastruktur ka besser op déi spezifesch an individuell Bedierfnesser adaptéiert ginn. Ech begreissen des Weideren am Konzept, datt dement an net dement Persounen an enger Struktur opgeholl kënne ginn. Eleng vum Mënschlechen hier ass e Mix vu Pensionäre mat verschiddene Profiler gutt, esou wäit natierlech d'Uspréich vu jiddfer Eenzelnen a vu senger Dignitéit respektéiert ginn.

Wat de Konzept vun der Prise en charge vum Hauptmannsschlass ugeet, esou baséiert et sech op d'Leitbild vun der A.s.b.l. Claire. Dat Leitbild huet ënner anerem als Zil, d'Autonomie vun de Pensionären ze maximiséieren, an dëst op allen Niveauen, an och palliativ Fleege a Medezin ze promouvéieren. D'Soins palliatifs sinn e feste Bestanddeel vun dëser Prise en charge. Dat heescht, d'Pensionäre kënne och hei bis zu hirem Liewensend beschtméiglech encadréiert ginn an no hirer kierperlecher, seilescher, sozialer a spiritueller Souffrance en charge geholl ginn. D'Leitbild gesäit och vir, d'Famillje mat ze integréieren.

Déi dräi nei Pavillone bestinn aus zwou Liewensunitéiten op zwee Niveauen. All Liewensunitéit huet zwielef Better, eng équipéiert Kichen, wou d'Pensionäre kënne mathehlen, e Salon an e kleng Sëjour, jo, och Toiletten, Débarrasen an alles wat dozou gehéiert, e Büro an nach Raim fir de Stocage.

Dëst Konzept vun der Liewensunitéit erlaabt de Pensionären, esou wéi fréier doheim an hirem familljärem Ëmfeld kënne weiderzeliewen, an dofir ass et och erlaabt, Miwwel vun doheim matzebréngen.

Déi dräi Unitéiten, déi fir déi dement Pensionäre bestëmmt sinn, wäerten um Niveau vum Gaart aménagéiert ginn, während déi aner Unitéiten am jëtzege Park ënnerbruecht ginn, wou d'Pensionären d'Chance hunn, esou vill wéi méiglech, mä selbstverständlech ënner Observatioun, sech do bause bewegen ze kënne.

Déi dräi Pavillone regroupéiere sech ronderëm den zentralen Haff, wou d'Bewunner sech treffe kënne an un den alldeegleche gesellschaftlechen an therapeuteschen Aktivitéiten deelhuele kënne. Deen alen Deel vum Cipa an déi nei Pavillone wäerten duerch eng Konstruktioun matenee verbonne ginn. D'Lokaler fir déi gemeinschaftlech Aktivitéite wäerten an dëser Konstruktioun, déi eng Zort Kommunikatiounsachsduerstellt, ënnerkommen. Wat déi architektonesche Démarche ugeet, kann een awer nach ervirhiewen, datt déi nei Struktur sech beschtens an déi bestehend Struktur vum ale Schlass afügt.

D'Hauptmannsschlass bleift déi dominant Gebaielchkeet vum Site, an dat war och de Wunsch vun der Gemeng. Dat ass, mengen ech kënne ze behaapten, dem Architektbüro Witry a Witry gutt gelongen. Et ass och vill Wäert op den ekologeschen Aspekt geluecht ginn. Et gëllt haut modern, energie- an ëmweltbewosst ze bauen.

Wat déi verschidden technesch Aspekter vum Projet ugin, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport wéi och op de Gesetzesentwurf selwer respektiv op d'Pläng.

Här President, duerch dee virleiende Gesetzesentwurf gëtt jo de Stat autoriséiert, sech finanziell un de Käsche vun de Bauarbechte vum Cipa zu Bäerbuerg ze engagéieren, esou wéi et an der Konventioun vum 26. März 2003 respektiv am Avenant vum 25. September 2006, déi tëschent dem Stat an der Kongregatioun vun den Elisabethiner-Schwëstere geschriwwen ginn ass, ze bedeelegen. No dëser Konventioun respektiv no dësem Avenant läit d'Participatioun vum Stat hei nach bei 80% vun de Baukäschen. D'Montanten, déi an der Konventioun an an dem Avenant stinn, sinn am Kader vum virleiende Gesetzesprojet aktualiséiert ginn, deen iwwerengs selwer eng Adaptatioun vun de Beträg virgesäit.

Mir an der Familljekommissioun hunn de Betrag vun der staatlech finanzieller Bedeelegung nei adaptéiert. Dëse läit elo bei 14.151.463,56 Euro. Dëse Betrag ass op Basis vum leschte bekannten a publizéierte Bauindex vum 1. Abrëll 2007 gerechent ginn.

De Statsrot ass mam Prinzip vun dëser Aktualisatioun vum Betrag averstanen. A sengem Avis freet hie sech awer, ob generell de Stat net Intérêt hätt, duerch seng Servicer all Bauprojeten engem systemateschen Au-



dit ze ënnerzéien, fir ze kucken, ob d'Projeten effektiv den neisten Normen a puncto Energie an Ëmwelt entspreichen. D'Kommissioun begréisst d'Iddi, mä gëtt ze bedenken, datt esou en Audit awer net de Projet a Verzuch bréngen dierft. Ech denken, datt déi nei Konstruktiounen der Evolutioun um Niveau vun der Bautechnik Rechnung droen, mä och de Choix vun de Materialie spigelt dat erëm, well deem ass vun ëmweltfrëndleche Kritäre geprägt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, eis Seniore si wäertvoll Bierger, déi d'Recht op adequat Wunnengs- a Betreuingskonditiounen hunn. Dee virleiende Projet schaaft deem neie Kader dozou a reit sech an déi onzähleg Projeten an, déi zënter Jore vun eiser Regierung an d'Weeër geleet gi sinn, mam Zil, eise Senioren eng diversifizéiert Offer u Betreuingsméiglechkeeten ze garantéieren.

Ech wënschen de Responsabele vun dësem Cipa an de Betreier eng glécklech Hand, fir dat Haus mat Mënschlechkeet, Würde a Respekt ze féieren, wou d'Bewunner mat hire multiplen Erkrankungen an deene stänneg verännerte Bedürfnisser am Mëttelpunkt vun hirer dagdeeglecher Aarbecht stinn. Ech géif lech bieden am Numm vun der Familljekommissioun dësem Projet d'Zoustëmmung ze ginn a ginn domadder och den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Frank Merci. Als éischte Riedner ass den Här Carlo Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

*Discussion générale*

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet wéi gesot haut bei deem Projet de loi drëm fir ze decidéieren iwwert d'Extensioun vum Cipa vum Haaptmannsschlass zu Bäerbuerg.

Et geet also drëm fir de Stat ze autoriséieren, fir bei de Fraisen ze participéieren, an zwar fir e Finanzement vun 80% ze iwwerhuelen, wat engem Coût vu 14.150.000 Euro entsprécht. D'Participatioun vun deene leschten 20% géif dee Moment iwwerholl gi vun der Kongregatioun vun de Schwëstere vun der Ste Elisabeth.

Ech mengen Dir wësst et alleguerten, et ass nach net allze laang hier, dass mer hei am Osten aner ähnlech Projeten diskutéiert hunn, nach Cipaen am Osten.

Ech wëll drun erënneren: Beispillsweis de 17. Mäerz 2004 hu mer hei decidéiert fir de Cipa zu Gréiwemaacher ze bauen an den 19. Januar 2005 de Cipa zu Jonglënster. Eleng d'Tatsaach, dass an Zäit vun dräi an en halleft Joer dat doten elo deen drëtte Projet am Osten ass, beweist - ech mengen op alle Fall - zur Genüge, dass am Osten e reellen Nohuelbedarf war.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här Wagner, Dir gesitt also, datt mer den Osten net vergiess hunn!

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Madame Ministesch, ech wollt souwisou och nach duerno en Appel maachen, dass et heimat awer net däerf Schluss sinn. Dass Der eis och an Zukunft net sollt vergiessen, bis dee ganzen Nohuelbedarf komplett eliminéiert wär.

Ech mengen, ech hätt jo also da schonn Ären Accord, wat mech an d'Leit am Oste selbstverständlech terribel freet.

Jiddfereen hei am Land weess, dass d'Leit ëmmer méi al ginn, dass déi sougenannten Alterspyramid praktesch op der Kopp steet. Dat heescht an anere Wieder drun denken, dass mer haut véiermol méi Leit hunn, déi iwwer 65 Joer al sinn, wéi dat beispillsweis virun 100 Joer de Fall war.

Dat huet dozou gefouert, dass mer souwuel wat d'Cipaen ubelaangt, mä awer och wat d'Maisons de soins ubelaangt ganz grouss Waardelëschten hei am Land haten. Wat nees dozou gefouert huet, dass onglécklecherweis hu misse munch Leit an d'Ausland goen, kucke fir do ënnerdaach ze kommen, wat ganz oft vill Problematike mat sech bruecht huet. Net nëmme wat d'Moral vun deene Leit ubelaangt, déi relativ wäit vun doheem fort waren, mä wat och nach zu enger Rei vun anere Problematike gefouert huet; ech wëll beispillsweis nëmmen un d'Successioun erënneren.

Dëse Projet, wéi gesot, hält een Deel - an ech betounen awer, Madame Ministesch, dass et nëmmen een Deel vum Nohuelbedarf am Osten ass, dass also elo deen Nohuelbedarf deelweis zumindest opgeschafft gëtt.

Ech menge mir kënnen alleguerten heibanen nëmmen déi Efforten an deem dote Beräich begréissen, grad wéi och d'Demokratesch Partei dat selbstverständlech mécht.

Bei deem heite Projet geet et ëm e Bauteprojet, dat heescht e Projet fir nach zousätzlech Infrastrukturen ze schafen an um bestehenden Deel ze moderniséieren. Ech wëll awer och drun erënneren, dass et domadder net duergeet. Ech menge mir sinn alleguerten heibannen och domat averstanen, dass mer fir déi eeler Leit e Mix u Mesuré brauchen.

Ech wëll do beispillsweis drun erënneren dee Moment, dass et net eleng duergeet fir modern Infrastrukturen opzebauen, mä dass ee parallell dozou selbstverständlech awer och Servicer an Hëllefleeschtunge fir d'Leit doheem muss onbedéngt weider entwéckelen.

Wéi gesot, Projekte wéi déi, déi mer haut hei diskutéieren, hëllefen ouni Zweifel, fir dass munch Leit hei am Land hir lescht Deeg oder hir lescht Zäit am Liewe kënnen an enger sougenannter Dignitéit verbréngen, wat virdrun net ëmmer de Fall war.

Ech muss soen, esou wäit wéi ech zrëckkucke kann, esou wäit wéi ech dat kann novollzéie war et ëmmer üblech hei am Haus, dass mer bei Projekte vun där doter Aart Unanimitéit haten. D'Unanimitéit ass och a mengen Aen oder an den Ae vun der Demokratescher Partei 100%eg berechtegt.

Ech wëll trotzdeem awer och nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer musse weider kucke fir Servicer, wéi beispillsweis d'Aide à domicile, weider auszebauen, fir parallell zum Opbau vu modernen a performante Strukturen dës Hëllef ze entwéckelen an och fir eventuell do vun deenen néidege Kenntnisser ze profitéieren, déi et an deem Domän am Ausland gëtt.

Wéi gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sous-entendu, dass d'Demokratesch Partei och zu dësem Projet de loi wäert hir Zoustëmmung ginn. Ech wëllt awer net ofschléissen ouni der Rapportrice, der honorabeler Madame Frank, ze félicitéiere fir hiren exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Wagner Merci. Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech schlëisse mech de Mercien an dem Luef fir d'Madame Rapportrice Marie-Josée Frank un. Si ass e Meedche vu Bäerbuerg - huet se gesot - a si kennt den Terrain a si kennt d'Matière. Hirem Rapport ass am Fong näischt bäizefügen. Ech wëll och net dat widderhuelen, wat scho gesot ginn ass. Ech wollt just e puer Froe stellen.

Bäerbuerg huet jo Traditioun: Vum Blannenheem ass et zum Altersheem komm, vum Altersheem ass et zum Cipa komm an zum Schluss waren 72 Persounen an deem Gebai ënnerbruecht. Elo gëtt dat doubléiert, elo kommen 144 Leit dohinner. 144 Leit, dat ass eng Verduebelung, an ech wollt d'Madame Minister froen, ob et am Kader vun der Politik vun de Cipaen a vun deenen doten Haiser eng Zuel vun Zëmmere gëtt, eng Zuel vu Patienten, déi eng rationell Bewirtschaftung erméiglechen, eng optimal Zuel fir esou Haiser.

Ech kennen anerer, déi nëmme 60 Better hunn, wou awer Infrastrukturen dosti wéi Kiichen, etc., mat deenen ee genau déi duebel Zuel vu Patienten och kéint betreien. Dat ass déi éischt Fro. Doraus ergëtt sech dann e Rasonnement: Kann een net och op anere Plazen nach bäibauen?

Zweetens, wann een esou Literatur kuckt, da gëtt op ville Siten op Internet an och a Fachzäitschrëfte gesot, datt d'Demenz - Dementia - an Zäit vun 20 Joer enorm zougehall huet, datt se nach ëmmer zouhëlt an datt am Joer 2050 domat ze rechnen ass, datt d'Demenz den Ausléiser ass fir vill Doudesfäll; méi Doudesfäll, wéi dat haut de Fall ass, also d'zweet Cause vun den Doudesfäll. Ech huele just d'Alzheimerkrankheet als Beispill: A Frankräich mengen ech hu se 800.000 Fäll determinéiert; an Däitschland hu se 900.000 Fäll determinéiert. Déi Zuele waren ze kréien.

Wéi ass et zu Lëtzebuerg? Iwwert d'ganz Welt ginn dat Milliounen, zeg Milliounen, 40 Millioune Leit. Dat ass also e reelle Problem, deen zouhëlt. Dat ass dat Éischt: Wéi ass d'Evolutioun vun de Maladies mentales zu Lëtzebuerg?

An da gëtt et eng Feststellung, déi gëllt wahrscheinlech och fir Lëtzebuerg. Dat ass d'Feststellung, datt en Décalage besteet tëschent deene Méiglechkeeten, déi een huet fir all Maladie mentale ze betreien, an dem Accès zu deene Betreuungen. Dat gëllt elo net onbedéngt fir Alzheimer, et gëllt fir Depressioun, et gëllt fir Schizophrenie, fir Epilepsie, fir Alkoholismus, etc. Wéi sinn déi Leit erfaasst? Ass eng Méiglechkeet do fir eng besser, eng preventiv oder eng précoce Betreiuung fir déi Leit ze organiséieren?

Déi lescht Fro ass déi heiten: An allen Haiser, mengen ech, gëtt et eng Cellule oder e Stack, wou dement Leit ënnerbruecht sinn. Si ginn also getrennt, an deem Moment, wou se net méi kënnen mat deenen aneren zesummeliewen, vun deene Leit, déi nach bei vollem, bei kloerem Verstand sinn. Bis elo oder bis viru kuerzem ass folgend Theorie an d'Praxis ëmgesat ginn: Et ass am Intérêt vun deene Leit, wa se mat valide Leit zesumme sinn.

Ech soen lech meng Meenung dozou. Dat ass bestëmmt net déi vun engem Fachmann a bestëmmt och net déi vun alle Psychiateren, mä si gëtt awer trotzdeem och gedeelt: Et ass problematesch fir valid Leit ze laang a bal exklusiv munchmol mat invalide Leit a mat demente Leit zesummenze-loossen. Gëtt et och do eng Theorie? Gëtt et och eng Praxis? A gëtt driwwer nogeduecht, wéi een déi Kohabitatioun organiséiere ka respektiv wéini dee Moment do ass, fir déi eng vun deenen aneren ze trennen?

Et ass evident, datt mer dësem Projet eis Zoustëmmung bréngen. Et ass e gudde Projet. Et ass en noutwendege Projet. An ech mengen, e kënnst ville Leit zegutt, net nëmmen deene Leit aus dem Osten. Vlächst gëtt hei duerch dëse Projet och eppes ausgeléist, wann och op anere Plazen nach esou Cellulen, déi exemplaresch gutt geplangt sinn, gebaut ginn.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Scheuer Merci. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och déi Gréng si frou fir all weider Plazen, déi mer an de Cipae bauen, well et ass nach ëmmer keng Saturatedioun. Mir si gradesou frou iwwert d'Plazen, déi mer am Oste bauen, wéi iwwert déi, déi mer am Norden, Zentrum a Süde kréien. Ech wëll mech och deene Wieder schlëissen, déi hei alleguer gesot gi sinn iwwert d'demografesch Entwécklung, iwwert d'Altersmoyenne vun de Pensionären.

Den Historique vum Site iwwer verschidde Krankheeten, Altersdemenz an esou weider, do gëtt et näischt méi bäizesetzen. Och dem ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport ass näischt méi derbäize-soen. Duerfir soen ech der Rapportrice Merci fir hire Rapport an ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem wichtege Projet.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Adam Merci. Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Ech fänken och domat un, datt ech der Rapportrice Merci soe fir hiren ausféierleche Bericht. Si huet gesot, si wär e Bäerburger Meedchen. Ech muss dann hei bekennen, datt ech aus därselwechter Gemeng kommen, wou dat Gebai hei soll opgeriicht ginn. Ech bekenne mech hei trotzdem net fir befaangen, och wann ech als Member vun där Gemeindebautekommissioun dëse Projet mat ënnert d'Lupp geholl a fir gutt befonnt hunn. Dat wär fir mech awer schonn eng Ursaach fir hei den Accord ze ginn. Ech wollt awer e puer Iwwerleeungen hei ubréngen.

Et ass elo grad gesot ginn, dëst Gebai ass haaptsächlech geduecht fir demenz- an alzheimerkrank Leit. An den Här Scheuer huet zu Recht drop higewisen, datt an engem bedenkleche Mooss feststellen ass, datt déi Krankheeten do zouhuele fir Leit, déi soss nach valid wären a laang kéinten ënner normale Konditiounen doheem wunnen a kengem Mënsch zur Laascht falen. Ech mengen, dat muss eis interpelléieren.

Et ass natierlech net einfach fir Ursaache-fuerschung ze bedreiwen. An trotzdeem, obschonn et vlächst elo net direkt an dëse Kontext eragehéiert, muss ee sech d'Fro stellen: Wat ass lass? Wat maache mer falsch?

Den Här Huss ass elo net hei. Hie géif mer ganz sécher direkt zoustëmmen. Ech war gëschter Owend an eng Konferenz, déi seng Organisatioun, do wou hie President ass - Akut -, organiséiert hat a wou eng Doktesch Iwwerleeungen ubruecht huet, wou mer vlächst an nächster Zäit eng Kéier mussen drop zrëckkommen, well et effektiv Erkenntnisser gëtt, datt verschidden Awierkunge vun eiser moderner Welt dozou bäidroen, datt ëmmer méi Leit an ëmmer méi engem fréie Stadium Alzheimer kréien an demenzkrank ginn. Ech mengen, mir géifen eis alleguer wënschen, wann dat net esou wär a wa mer doduerch de Besoin an esou Infrastrukture kéinte méi niddreg halen.

Wat de Projet selwer betrëfft, ass praktesch alles gesot ginn. Ech wëll just hei umierken, mir sinn de Moment amgang iwwer PPPen ze diskutéieren - „public private partnership“ - bei der Realisatioun vun öffentlechen Infrastrukturen. Hei kann ee feststellen, datt dat eng Form vu PPP ass, déi scho laang fonctionnéiert, an ech géif soen, och gutt fonctionnéiert. De Stat bedeelegt sech zu 80% drun. Et ass e privaten Träger, an dësem Fall d'Kongregatioun vun de Schwëstere vun der Ste Elisabeth, deen dat realiséiert.

Ech wëll och soen, datt ech frou driwwer sinn, datt hei dem Gedanke vun der Dezentralisatioun Rechnung gedroe gëtt, datt mer net alles just an den Zentren opriichten, mä datt mer och esou Infrastrukturen um Land opriichten an doduerch d'Schwéierpunkter net nëmmen do setzen, wou souwisou scho vill Leit sinn. Mir probéieren doduerch eng gewëssen Dezentralisatioun ze bedreiwen.

Ech wëll och menger Satisfaktioun driwwer Ausdrock ginn, datt wierklech gutt drop opgepasst ginn ass, datt ekologesche Kritären hei respektéiert ginn, ganz besonnesch wat den Energieverbrauch ubelaangt.

Dat hei ass e flotte Projet. Et ass eng modern Annex un en aalt ehrwürdegt Gebai, wat säi Charakter behält. Dat Gebai selwer a senger Schéinheet, a senger architektonescher Besonneschkeet gëtt doduerch net affektéiert. Duerfir kann een dat och ouni Problem vum Baulechen hier begréissen.

Et entsprécht engem reelle Besoin, och wa kee vun all deenen, déi hei intervenéiert sinn - ech schlëisse mech do an -, sech wënscht, datt hien eng Kéier muss op déi Infrastruktur do zrëckgräifen. Ech mengen, dat Ideaalt ass nach ëmmer - och dat ass hei scho gesot ginn -, wann een effektiv ka praktesch bis u säi Liewensenn do bleiwen, wou een doheem ass a wou ee sech och gutt spiert.

Dat gesot, Här President, wäerte mir selbstverständlech och dëse Projet stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Mehlen Merci. Elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Madame Familljeministesche Marie-Josée Jacobs.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei esou vill Freed an Eestëmmegkeet ass ee jo net ëmmer. Wa mer an deenen Deeg virdrun esou vill Freed an Eestëmmegkeet gehat hätten...

*(Interruption)*

Ass et wouer? Uh, uh, passt op! Mä ech sinn awer frou, datt déi virherrscht.

Ech géif och net wëllen op de Projet de loi nach eng Kéier agoen. D'Madame Marie-Josée Frank huet dat hei in extenso a mat allem gemaach, wat dozou gehéiert, esou datt ech hir wëllt dofir Merci soen a se félicitéieren.

Ech géif just wëllen op déi puer Froen agoen, déi jo hei gestallt si ginn, ënner anere iwwert déi Leit, déi dement sinn. Do muss ee soen, éischstens hu mir selbstverständlech zu Lëtzebuerg keng Statistiken, esou wéi a ville Saachen net, iwwert déi Leit, déi dement sinn. Ech denken awer, datt de Prozentsaz ongeféier deeselwechten ass wéi an anere Länner. Dat kënn awer zu engem groussen Deel och dohier, well d'Leit ëmmer méi al ginn. Et gëtt der selbstverständlech och, déi an engem méi jonken Alter dement ginn, mä awer net d'Majoritéit - dat ass awer erwisen, net hei zu Lëtzebuerg, mä awer an deenen anere Länner.



Ech wëll och net ëmmer soen Alzheimer. Haut huet all Mënsch Alzheimer. Fréier hat all Mënsch Arterienverkalkung. Ob et dat eent oder dat anert ass, dat ass am Fong geholl egal, well ënnert dem Stréch ass et datselwecht. Ma neen, d'Leit sinn och keng 80 a keng 85 an 90 Joer al ginn; Eenzelner, awer net d'Majoritéit. Duerfir mengen ech, vun dohier komme selbstverständlech ëmmer méi där Leit. A mir gesi jo och de Moment, dass dat ongeféier den Alter, wou d'Leit an esou eng Institutioun ginn, ëm déi 85 Joer ass. Et ass also net méi, dass ee mat 60 Joer geet.

Mä dat, wat ech denken, wat och wichteg ass, dass sinn esou alternativ Logementsstrukturen. Soss hu mer ëmmer nëmmen entweder d'Fleegeheimer oder mir hunn d'Centre-intégréen. Mir hunn da selbstverständlech Netzer vun Aides et soins à domicile, y compris ugefaange bei de Club-Senioren iwwert d'Centres psycho-gérontologiques; dat heescht, déi Foyer-de-jouren, wou d'Leit kënnen dragoen.

Dann denken ech awer, eppes wat felt, si besonnesch och déi Logements encadrés. Mir wäerten elo an deenen nächste Wochen deen een oder deen aneren dovunner a Bëtrib huelen an dann och kucken, awéiwäit dass Nofro ass. Well d'Leit soe jo dann ëmmer: Dir musst dat maachen, mir brauchen dat, a wann et driwwer hiergeet, da kënnt et awer heiandsdo net un.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

De fréiere Buergermeeschter vu Walfer, dee weess sech dorunner ze erënneren, dass mer esou en Haus zu Walfer haten, „am Becheler“, wou et relativ laang gedauert huet, bis mer Leit dora kritt hunn. Bis dann eng prominent Persoun vu Walfer dragaangen ass. Dunn hunn déi aner fonnt, wann déi kéint dohinner goen, da kéinte si och goen. Dat geet jo heiandsdo esou, besonnesch zu Lëtzebuerg.

Vun do aus mengen ech also, dass et wichteg ass, dass een dat probéiert a kuckt, fir eben och domadder Disponibilitéiten op anere Plazen ze kréien. Et muss ee jo net onbedéngt an esou engem Centre sinn, deen awer mat vill Personal fonctionnéiert, wann een et eigentlech net brauch.

Mir wäerten och vum Familljeministère aus an deenen nächste Méint eng Konferenz iwwer esou Projeten organiséieren, fir ze kucken, wéi d'Demande ass, fir och ze kucken, wéi d'Erfahrungen am Ausland sinn an esou virun.

Den Här Scheuer huet mech och gefrot, wéi vill ech géif mengen dass Leit an esou Institutiounen sinn. Et ass eigentlech ni e Geschäft, Här Scheuer. An all déi, déi Betreiber sinn an iergendenger Aart a Weis, déi wëssen dat och.

Mä et ass festgestallt ginn, dass eigentlech eng Zuel zwëschent 80 an 120 eng Form wier oder eng Gréisst wier, vun där ee kéint soen, dass dat ongeféier géif deem entsprechen, wou et fir déi, déi dra géife wunnen, awer nach gutt wier, ouni dass et also ze vill grouss géif ginn, an awer och fir déi ganz Infrastruktur ronderëm, wéi eben eng Kiichen, eventuell och nach d'Wäsch - well dat gétt ewell meeschtens net méi op därselwechter Plaz gemaach -, iwwerhaapt e bësselche rentabiliséiert ze kréien, loosse mer et emol esou nennen. Mä et ass am Fong net méi esou, dass ee seet: Hei, wier et dann net méi einfach, mir géifen elo en Haus vun 300 Leit do op déi Plaz setzen? Amplaz awer a méi enge mënschleche Gréissten do ze bleiwen.

Dann hutt Dir mech gefrot, wéi et wier mat der Kohabitatioun zwëschent dementen an net demente Leit. Dat ass och eng Diskusioun, déi anescht ausfällt, deemno vu wéi enge Spezialiste se gefouert gétt. Déi eng, déi soen, et wier besser, wann dement an net dement Leit beienee sinn. Dat war och laang meng Meenung, déi ech gehollef hat verdeedegen, well dann déi Leit, déi dement sinn, nach vun deenen aneren e bësselche méi - wéi soll ech dat soen? - awer gedroe ginn a gehuwe ginn, amplaz dass, wann nëmmen dement Leit beienee sinn, se éischer riskéieren allegueren no ënne gezunn ze ginn. Dat ass e bësselchen esou wéi bei Kanner; wa lauter Gescheiter beienee sinn, ass dat net gutt, a wa lauter manner Gescheiter beienee sinn, ass et warscheinlech och net gutt.

Elo muss ech awer soen, dass ech och verstinn an duerfir och d'accord sinn, dass an engem Haus kënnen Differenze gemaach ginn zwëschent deenen eenzelne Leit, déi do sinn, fir mengetwegen ze soen, do maache mer eng Statioun oder do maache mer eng Unitéit, wou lauter dement Leit beienee sinn, well et och fir déi, déi net dement sinn, awer ka ganz schwéier ze erdroe sinn, fir de ganzen Dag Leit ze gesinn, déi eben awer wierklech och net méi ëmmer wëssen, wat se maachen.

Vun dohier mengen ech ewell, dass et zu engem Deel wichteg ass, dass ee getrennten Institutiounen huet, dass dat Haus och fir Alzheimer zu lerpeldeng, mä dass et awer op där anerer Säit och wichteg ass, dass an engem Haus selwer déi eng an déi aner Leit mat kënnen en charge geholl ginn. Dass jo aus den Explikatiounen vun der Madame Frank ervirgaangen, dass dat och elo de Fall hei zu Bäerbuerg wäert sinn. Vun dohier denken ech, dass dat eigentlech dee beschte Wee ass.

Wéi vill Afloss dass mer hunn, fir dement ze ginn oder et net ze ginn, ob dass dann duerch d'Ëmwelt oder ob et duerch aner Froe kënnt, dass weess ech net. Ech denken, et ass hei Rieds gaangen och iwwer Leit, déi alkoholkrank sinn. Do ass natierlech d'Method méi einfach. Wann een ophält mat drénken, dann ass d'Liewer en Organ, wat sech erëm ganz séier regeneréiert. Mat de Gehirzellen ass et e bësse méi schlecht, mä awer bei anere Krankheeten ass dass bis haut net erwisen.

Ech kann awer duerfir och net ausschléissen, dass et effektiv och kéinten Ëmweltbe-laschtunge sinn, déi géifen dozou féieren, dass d'Leit eben net méi esou fit sinn, wéi dat misst sinn. Mä wéi gesot, doriwwer gétt et keng schlussfolgernd Statistiken oder Etüden.

Ech géif wëllen all deene Merci soe fir hire positive Bäitrag, déi hei dozou geschwat hunn. An ech géif och wëllen dem Carlo Wagner soen, dass mer gutt gestiwwelt si mat deenen Haiser, wann déi elo alleguerte fäerdeg gebaut sinn, ob dass zu Jonglënster, zu Bäerbuerg oder zu Gréiwemaacher ass, an da mengen ech och dass zu lechternach, wat fäerdeg ass. Mä do sinn eng ganz Partie vun Institutiounen. Wann Der wëllt, kënnt Der nokucken am Rapport vum Familljeministère, wou Der se gesitt op enger Landkaart, wéi vill dass der am Oste sinn. Ech mengen net, dass et do méi schlecht wier, wéi am Rescht vum Land.

Nichtsdestrotrotz bleibt...

» M. Carlo Wagner (DP).- Madame, entschëllegt, da kënne mer elo vill Leit nees aus Däitschland zrëckhuelen op déi richteg Säit vun der Musel.

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Wa se dat wëllen - well dass ass nämlech eng aner Fro. Ech hunn och Leit erlieft, deenen ech am Ausland begéint sinn an Institutiounen, wou d'Familljen drop gehalen hunn, dass se sollen heemkommen, mä wou d'Leit gesot hunn, ma loosst eis hei, hei si mer gutt an hei si mer frou a mir géife gären heibleiwen! Dann ass et och kloer, dass ee muss respek-téieren, wat d'Leit wëllen.

Am anere Fall, jo, selbstverständlech. Déi, déi wëllen eriiwwerkommen an déi elo nach gemellt sinn hei zu Lëtzebuerg, sollen dat maache kënnen. Dass musst Der awer dann de Leit och soen. Vu dass net jiddferen dass hei elo nolauschtert a liest, wier et gutt, wann d'Leit sech awer och géife mellen, dass se erëm géifen zrëckkommen, well soss riskéieren déi jo néierewou op enger Lëscht ze sinn. Vun dohier wier dass natierlech awer wichteg.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech villmools Merci soen an ech garantéieren lech, dass et net déi leschte Kéier ass, wou ech mat esou engem Projet heihinner kommen.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Mir soen der Madame Minister Merci fir hir Ausféierungen a mir kommen elo zum Vote iwwert dëse Projet de loi, d'Vergrëisserung vum Bäerbuergers Altersheem.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5723 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar),

MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Colette Flesch), Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Ech géif d'Chamber wëlle froen, ob se d'accord ass, dass mer aus technesche Grënn elo zum Vote kommen iwwert d'Resolutioun betreffend d'Konte vun der Cour des Comptes. Ass d'Chamber d'accord, fir dee Vote elo virzehuelen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

4. Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2005 de la Cour des Comptes

D'Resolutioun huet folgende Wortlaut:

Résolution

La Chambre des Députés,

- vu que le réviseur des comptes de la Cour des Comptes estime dans son rapport que «les comptes annuels ci-joints donnent, en conformité avec les prescriptions légales et réglementaires en vigueur au Luxembourg, une image fidèle du patrimoine et de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2005 ainsi que des résultats de l'exercice se terminant à cette date»;

- vu que la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire a marqué au cours de sa réunion du 1<sup>er</sup> octobre 2007 son accord avec le rapport du réviseur des comptes;

approuve

les comptes de l'exercice 2005 de la Cour des Comptes.

Mir kommen elo zum Vote iwwert dës Resolutioun.

Vote

D'Resolutioun ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Paul Helminger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum Projet de loi 5618 sur le service volontaire des jeunes. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Bettel, d'Madame Dall'Agnol, den Här Adam an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madame Nancy Arendt.

5. 5618 - Projet de loi sur le service volontaire des jeunes, modifiant 1° le Code des assurances sociales, 2° la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la Caisse nationale des prestations familiales et abrogeant la loi du 28 janvier 1999 concernant le service volontaire

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

» Mme Nancy Arendt (CSV), rapportrice.- Merci, Här President. De Service volontaire des jeunes ass keng nei Erfindung, mä en ass déi éischte Kéier virun aacht Joer am Kader vum Gesetz vum 28. Januar 1999 geregelt ginn.

D'Iddi, sech un engem Projet ze bedeelegen, wou Jonker sech an den Dénagscht vun der Allgemengheet stellen, ass also net komplett nei, mä et geet bei dësem Gesetz haaptsächlech dorëms, fir dat bestehend Gesetz ze verbessern an et mat engem méi prezisen an erweiderte Kader auszustatten.

Dee virleiende Gesetzesprojet prezisiéiert och besser d'Objektiver vum Service volontaire, Objektiver, déi sech iwwerschneide mat deenen, déi am europäesche Programm Jeunesse en action définéiert sinn, an zousätzlech passt e sech och un d'Exigence vun der europäescher Direktiv vum 13. Dezember 2004 vum Conseil vun der Europäescher Unioun un.

Ee vun den Ziler vun dëser Direktiv ass et, d'Mobilitéit vun de Bierger, virun allem fir déi Jonk, déi dann och net aus der Europäescher Unioun kommen, ze förderen. Dëst dréit zu engem bessere Versteedsdemech tëschent deene verschiddene Kulture bäi an et bedeit och eng besser Kooperatioun op internationalem Niveau.

Virreider am Fräiwëllegendéngscht waren Däitschland an England, wou de Volontariat zënter Jorzéngten etabliéiert an och geregelt ass. Lëtzebuerg hat sech, wéi gesot, am Joer '99 fir d'éischt emol e juristesche Kader op dësem Gebitt ginn, fir sech eng gewësse Sécherheet ze gi fir all déi Volontariatsprojeten, déi eist Land matgedroen huet ënnert dem Impuls vun der Europäescher Unioun.

Tëscht dem Joer '99, wou d'Gesetz iwwert de Service volontaire a Kraaft getrueden ass, an dem Oktober 2006 - a ronn siwe Joer also - huet de Lëtzebuergesche Fräiwëllegendéngscht e grouse Succès kann. Et hunn 130 jonk Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, sech u Volontariatsprojete bedeelegt, wouvun 98 Jugendlecher hiren Dénagscht am Ausland geleescht hunn. Während deemselwechten Zäitraum sinn 157 jonk Leit aus dem Ausland op Lëtzebuerg komm, fir hire Fräiwëllegendéngscht hei bei eis ze realiséieren.

No de Responsabele vum Service national de la Jeunesse wäert an Zukunft d'Zuel vun de fräiwëllegen Engagementer nach weider eropgoen. Et ass och den erkläerte Wëlle vun de Memberstaten, fir nach méi de perséinlechen Engagement vun de Jonken ze ënnerstëtzen, déi sech u Projete bedeelegen, déi de Volontariat als Basis hunn. Et ass eng Tatsaach, dass de Volontariat fir déi Jonk eng grouss Opportunitéit duerstellt, déi hinnen d'Méiglechkeet gétt, am Kader vun engem Projet hir Capacitéiten an hir Kompetenzen ze entwéckelen, déi virun allem ganz nützlich fir hir Zukunft kënne sinn. An ech mengen, et ass grad dass, wat sécherlech zum Erfolleg vum Fräiwëllegendéngscht bäidréit.

Här President, de Volontariat ass a bleift e Service am Interessi vun der Kollektivitéit, deen net lukrativ ass an deen zum Benefiss vun der Allgemengheet bäidréit. E kann duerch keng bezuelten Aarbecht ersat ginn. De Fräiwëllegendéngscht ass eng beräi-